# Am Dialog

# Vegan Ernährung a Bio-Landwirtschaft - **Widdersproch oder Ergänzung?**

## Online Dialog

**Donneschden, 18. Mäerz** um **19h00**

mam **Camille Muller** vu VegInfo
an dem **Änder Schanck** vun der OIKOPOLIS Groupe

Umeldung fir des Konferenz op der Email: **umeldung@oikopolis.lu**
bis spéitstens den **16.03.2021.**

D'Fro wéi mir mat den Déieren an eiser Gesellschaft ëmginn ass momentan ganz aktuell. Aus de Medien kenne mir alleguer d'Biller vun onméiglechen Zoustänn aus der Déierenhaltung.
Ëmmer méi Mënschen ginn sech bewosst, datt si mat hirem Fleeschkonsum fir dës Verhältnisser eng gewësse Verantwortung matzedroen hunn. Des Leit wëllen duerch hiert Ernährungsverhalen Afloss huelen, an esou d'Situatioun änneren.

Och d'Interessi u Produkter aus der Biolandwirtschaft klëmmt all Joers. Och hei sinn d'Unhänger héich motivéiert, fir duerch hier Kafentscheedung, d'Art a Weis vun der konventioneller Landwirtschaft esou ze veränneren, dass eng vertrietbar Zukunft fir déi nofollgend Generatiounen kann entstoen.

Wéi soll d'Bezéiung zwësche Mënsch an Déier an der Zukunft ausgesinn? Wat fir eng Bedeitung hunn Déieren an enger nohalteger Landwirtschaft? Passen Veganismus a Bio-Landwirtschaft zesummen?



**Camille Muller**

Vegan Ernährung ass fir de Camille Muller scho ganz laang een Thema. Hien ass an enger zimlech fleeschlasteger Famill opgewuess, an huet sëch schonns an der Mëtt vun den 80er Joren mam Vegetarismus beschäftegt. Hien ernäert sech mëttlerweil schonns säit iwwer 15 Joer vegan. 2010 huet hien zesummen mat aneren Kollegeninnen d'Vegan Society gegrënnt.

Elo beschäftegt hien sech ë.a. benevole fir VegInfo an ass Freelance a verschiddenen Aarbechtsgruppen, an dobäi haaptsächlech am Domaine vun der Educatioun (Workshops, Aarbechtsgruppen mat Kantinnen, ...) Hien schreift och nach heiansdo deen een oder aneren Artikel wéi z.B fir de Forum. Dobäi interesséiert hien sech genau sou vill fir d'Fleeschreduktioun, déi aus senger Sicht dat gréisst Potenzial huet fir a verschiddene Punkten mat aneren Bewegungen aus der Zivilgesellschaft op e gemeinsamen Nenner ze kommen.

**Änder Schanck**



Den Änder Schanck gëllt als een vun de Bio- Pionéier hei zu Lëtzebuerg. Zesummen mat sengem Brudder Jos, huet hien schonn's 1979 den Haff vu sengen Elteren op déi biologesch-dynamesch Landwirtschaft ëmgestallt. 1988 huet hien d'Bio-Bauere Genossenschaft (BIOG) mat gegrënnt, an dono mat NATURATA a BIOGROS d'Bio-Handels a Verdeelungsstrukturen geschaaft, déi bis haut a Lëtzebuerg richtungsweisend sinn. Haut ass den Änder Schanck Virstandsvirsëtzenden bei der OIKOPOLIS Participations SA.

Donieft engagéiert sëch den Änder Schanck säit iwwer 30 Joer éierenamtlech an den nationalen Biolandwirtschafts-Veräiner an hire Virstänn, dobäi 8 Joer am Virstand vun Demeter-International.

Mat den erfollegräichen Lëtzebuerger Initiativen huet den Änder Schanck och international Beuechtung fonnt, a gët och oft als Conseiller gefrot.